


# DE BISON

# 3.TRIMESTER

# 2026


# E klengt Wuert vun der Redaktioun

NEWSLETTER



De Summer steet virun der Dier! Am neien Trimester waarde gutt Wieder, vill Aventuren an ee coole Gruppecamp op eis. An däser Editioun vum Bison fannt dir all néideg Informatioune fir dat 3. Trimester 2026. Mir freeën eis op eng schéin Zäit a flott Momenter all zesummen!

Fannt eis um Internet: Op **bisons.lu**, **Facebook** an **Instagram**.
Hei si mir ganz up-to-date mat Recaps an Erënnerungen un eis Aktivitéiten.
Gidd emol laanscht virwatzen an abonnéiert eis Säit! Sou verpasst dir keng vun de News oder Updates aus dem Grupp.



Facebook

Instagram

bisons.lu

# Nach méi Wierder vun der Redaktioun

NEWSLETTER

## EISEN IWWERGANGSHOME


Leider gouf eisen alen Home zu Fréiseng ofgerappt. Dofir krute mir vun eiser Gemeng ee flotten Ersatzhome zur Verfügung gestallt.  D'Adress vun dësem Home ass **6, Munneräferstrooss L-5750 Fréiseng.**

WICHTEG: Beim Home ass kee Parking. Vue dass den Home bei der Haaptstrooss läit, biede mir Iech bei der Gemeng ze parken an ze Fouss bei den Home ze kommen.

## KOMMUNIKATIOUN MAT DE CHEFFEN

**Wichteg Informatioun:** Wann Dir Froen un eis hutt, da wëlle mir Iech drop hiweisen, dass d'Kommunikatioun mat de Cheffe per Mail funktionéiert. De Cheffen hier privat Nummere stinn Iech just an Noutfäll zur Verfügung.

# Grupp allgemeng



## WEI KOMMEN ECH AN D'VERSAMMLUNG?

- Dem Wieder ugepasste Kleedung, déi därf knaschteg ginn
- Fest Schong
- E Bidon mat Waasser
- 5 Saache vum Wëllefchen/ Scoutsbichelchen
- De Foulard net vergiessen!

## D'VERSAMMLUNGEN

Eis Réunioune si Samschdes:

- Fir d'Wëllef an d'Scouten vu 16.00 bis 18.00 Auer
- Fir d'Explorer vun 18.00 bis 20.00 Auer



## ADRESSEN

**Eisen Iwwergangshome:**
6, Munneréferstrooss
L-5750 Frisange

**De FNELshome um Cents:**
61 A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

# Gruppenews

## VILL GLÉCK

Mir wënschen eise Primaner vill Gléck fir hier Premièresexamen. Dir packt dat Kelly a Julie!



# FNEL News an Infos

## DE SCOUTSSHOP

Alles wat der braucht, fannt dir am **Scoutsshop** vun der FNEL:
De FNEL Scoutsshop ass rem all **Donneschden vu 17h00 bis 19h00** op, ausser an de Schoulvakanzen.

**Address**:

**FNEL Scouten**
**61 A, rue de Trèves**
**L-2630 Luxembourg**





Hei de Link fir den **Onlineshop** vun der FNEL. Et lount sech eng Kéier luussen ze goen:
https://shop.fnel.lu

## WICHTEG NUMMEREN

**Mustela (CG)**: +352 621 392 662
**Otus (ACG)**: +352 621 728 951
**FNEL**: +352 26 480 450

# Fotoréckbléck - Ouschtercamp SC











D'Scouten hunn dem Olaf säi Wikingertraining mat vill Courage, vill Laachen an enger super Stëmmung gemeeschtert!

# Fotoréckbléck - Ouschtercamp SC













# Eis Cheffen

## EIS WËLLEFCHERSCHEFFEN

WELLEFCHER@BISONS.LU


Kotick (Sarah), CM


Tha (Aurélie), CM

Ikki (Gabriela)


Akela (Selena)

Oo (Kayla)


Baloo (Pol)

Messua (Julie)


Mysa (Noémie)


Rikki-Tikki-Tavi (Lenny)

# Eis Cheffen

## EIS SCOUTSCHEFFEN

SCOUTEN@BISONS.LU



Kelly, CT






Lenny



Denis



Noémie








Anika



Thibaut

# Eis Cheffen

## EIS EXPLORERRESPONSABEL

EXPLORER@BISONS.LU



Mustela, RUE



Frédéric (Otus), ARUE



Michel, ARUE

## EISE ROVERRESPONSABELEN

ROVER@BISONS.LU



Benny, CR

## EIS TEMBORESPONSABEL

Patricia

## EIS GRUPPECHEFFEN

GRUPPECHEF@BISONS.LU



Mustela, CG



Frédéric (Otus), ACG

# Wëllefcherschprogramm

**LU:** Léif Wëllef, léif Elteren,

Elo komme mir schonn an dat lescht Trimester vum Scoutsjoer, mee et ass nach esou bal net fäerdeg! Am drëtten Trimester hunn d'Cheffen erëm en flotte Programm geplangt an et erwaarden d'Wëllef amüsant Versammlungen.
Eis Versammlunge fanne wei gewinnt vu 16 :00 bis 18 :00 Auer statt.

Fir d'Versammlunge brauchs du

- Dem Wieder ugepasste Kleeder, déi och kënne knaschteg ginn
- E Bidon mat Waasser
- Dem Wëllefchen seng 5 Saachen

Bei wéidere Froe kontaktéiert eis per Mail: wellefcher@bisons.lu

Lénks Patt,
Är Cheffen

**FR :** Chers louveteaux et parents,

Nous approchons déjà le dernier trimestre de l'année, mais l'année scoute n'est pas encore terminée ! Pour le troisième trimestre, les chefs ont à nouveau prévu un programme formidable et des rencontres amusantes attendent les louveteaux.
Comme d'habitude, les réunions ont lieu de 16h00 à 18h00 heures.

Pour les réunions, tu auras besoin :

- De vêtements adaptés à la météo !
- D'un bidon
- Des cinq affaires du louveteau

Pour toutes questions, contactez-nous via courriel : wellefcher@bisons.lu
Patte gauche,
Vos chefs

# Wëllefchersprogramm

| | |
|---|---|
| 18.04. | Versammlung |
| 25.04. | **keng Versammlung - Sixplo*** |
| 02.05. | **keng Versammlung** |
| 09.05. | **keng Versammlung - Feierdag** |
| 16.05. | Versammlung |
| 23.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 30.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 06.06. | Versammlung |
| 13.06. | **Sortie **** |
| 20.06. | Versammlung |
| 27.06. | Versammlung |
| 04.07. | Versammlung |
| 12.07. | **keng Versammlung - Pow-Wow***** |

* De Sixplo ass vum 25.04. - 26.04. fir d'Sixer a just de 26.04. fir d'Meute.

** Weider Informatioune kommen no.

*** De Pow-Wow ass den 12.07.(Informatioune kommen no)

# Fotoréckbléck - LX












De Roboter Elektro hat sech an der Zäit verluer, an d'Wëllef hunn him gehollef erëm an d'Joer 3756 ze kommen. Ënnerwee ass net alles no Plang verlaf, an d'Wëllef hunn sech zesumme mat him an der Zäit verluer. Sou si mir duerch verschidde Joren an Evenementer gereest, bis den Elektro mat eisen Entdeckungen a gesammelte Materialie schlussendlech erëm heem fonnt huet.

# Fotoréckbléck - LX













# Scoutsprogramm

| | |
|---|---|
| 18.04. | Versammlung |
| 25.04. | Versammlung |
| 02.05. | Versammlung |
| 09.05. | **keng Versammlung - Feierdag** |
| 16.05. | Versammlung |
| 23.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 30.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 06.06. | Versammlung |
| 13.06. | Versammlung |
| 20.06. | Versammlung |
| 27.06. | Versammlung |
| 04.07. | Versammlung |
| 11.-12.07. | **Pow-Wow*** |
| 09.-16.08. | **Gruppecamp*** |

*Informatioune kommen no.

# Fotoréckbléck - SC












# Explorerprogramm

| | |
|---|---|
| 18.04. | Versammlung |
| 25.04. | Versammlung |
| 03.05. | **Marche gourmande*** |
| 10.05. | **Seefekëschterennen*** |
| 16.05. | Versammlung |
| 23.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 30.05. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 06.06. | Versammlung |
| 13.06. | Versammlung |
| 20.06. | Versammlung |
| 27.06. | Versammlung |
| 04.07. | Versammlung |
| 11.-12.07. | **Pow-Wow*** |
| 09.-16.08. | **Gruppecamp*** |

*Informatioune kommen no.

# Funfacts









Och wann däi Gehier nëmme ronn 2 % vun dengem Kierpergewiicht ausmécht, verbraucht et ongeféier 20 % vun denger Energie! Et schafft déi ganz Zäit, souguer wann's du schléifs.


Wikinger hate keng Haren op den Helmer. Dat ass just een Trick aus dem 19. Joerhonnert fir dass si an Theaterstécker méi cool ausgesinn hunn.




De Vatikan ass dat klèngste Land op der Welt. En ass just 44 Hektar grouss. Dat ass ongeféier esou grouss wéi d'Duerf Fréiseng.



Eng Ameis kann 10- bis 50-mol hiert eegent Gewiicht droen. Ausserdeem schaffen Ameisen ëmmer am Team a kënnen zesummen ganz grouss Saache beweegen.



E Blëtz kann méi waarm ginn wéi d'Uewerfläch vun der Sonn, awer just fir e ganz kuerze Moment! Dowéinst gesäit een en esou hell.



# Emfro

Mir freeën eis, dass du de Bison bis hei hinner gelies hues. Merci!

Mir froen eis ëmmer, vu weem de Bison gelies gëtt. Wanns du eis bei der Äntwert op dës Fro hëllefe wëlls, da fëll gären dës Emfro aus. Se ass natierlech **anonym**, mee wanns du wëlls, kanns du deng Brache an deng Roll am Grupp ukräizen an eis entweder ee Kommentar oder Feedback hannerloossen. Mir sinn natierlech och oppe fir nei Iddie fir an de Bison. Deel eis gären alles mat!

Hei de Link fir d'Emfro: https://forms.gle/UoWRVNjNBw9FJ7oP9

Hei de QR-Code fir d'Emfro:

Merci!

är Lieblingsredaktioun

PS: Verpass de Rästelspaass net op der nächster Säit!

# Rätselspaass



<u>Anagrammer</u>

Erklärung: Een Anagramm ass ee Wuert, dat ee neit Wuert ergëtt, wann een d'Buschstawen dovun nei sortéiert.

Hëllef! De Bison ass vun engem béisen Troll verzaubert ginn. Deen huet 5 Wierder a béiss Zaubersprëch verwandelt a leider wësse mir net méi wat déi richteg Wierder sinn.
Kanns du eis hëllefe fir d'Wierder erëm richteg ze sortéieren, bevir den Troll Schlëmmes domat ustellt?

TEEKFSCHESE

SNBOI

HERMAC RADOMUNGE

LEKAA

UPAEMRPGCPA



D'Léisungswierder als kléng Hëllef:
Akela, Seefekëscht, Bison, Marche Gourmande, Gruppecamp

# Bis geschwënn!




ÄR BISONSREDAKTIOUN,
DENIS AN AURÉLIE